Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, a vum Här Aussen- an Europaminister op d'Fro n° 3431 vum 12. Januar 2021 vum honorabelen Deputéierten, dem Här Fernand Kartheiser

1. **Kann d'Regierung déi Neiegkeet aus der New York Times confirméieren? Wa jo,wéi beurteelt d'Regierung dës Entwécklung am Hibléck op déi amerikanesch-lëtzebuergesch Relatiounen?**

D'Regierung kann déi Neiegkeet aus dem New York Times Artikel net confirméieren.

2. **Ass de lëtzebuergeschen Ambassadeur an den USA an de State Department convoquéiert ginn oder gouf et an iergend enger anerer Form en diplomatesche Protest vun den USA géint déi zitéiert Aussoe vum Lëtzebuerger Ausseminister?**

De Lëtzebuerger Ambassadeur an de Vereenegte Staaten ass net an de State Department convoquéiert ginn an et gouf och keen aneren diplomatesche Protest vun de Vereenegte Staate géint déi zitéiert Aussoe vum Lëtzebuerger Ausseminister.

3. **Ass d'Regierung solidaresch mat den Aussoe vum Lëtzebuerger Ausseminister? Consideréiert d'Regierung den Här Trump als e „Verbriecher"?**

Et gëtt e kloren Zesummenhang tëschent dem Här Trump sengen Aussoe wärend senger Amtszäit a besonnesch no de Wale vum 3. November 2020 bis den Dag vum 6. Januar 2021, an der Gewalt déi sech deselwechte 6. Januar am Kapitol ofgespillt huet an déi Mënschen d'Liewe kascht huet.

4. **Ass d'Regierung sech bewosst, datt keen anert europäescht Land an där Form op déi rezent Tëschefäll zu Washington reagéiert huet?**

D'international Communautéit ass sech eens dass d'Evenementer vum 6. Januar ronderëm de Kapitol e graven Ugréff op d'Fundament vun der Amerikanescher Demokratie duergestallt hunn. Lëtzebuerg setzt sech ëmmer staark fir demokratesch Wäerter, Mënscherechter an de Rechtsstaat an, an eis Reaktioun op d'Insurrektioun huet dat refletéiert.

5. **Ass d'Regierung der Meenung, datt déi Manéier, wéi de Lëtzebuerger Ausseminister dacks Positioun ergräift a sech ausdréckt, den Interessie vum Lëtzebuerger Land an der Welt déngt? Wann nee, wéi eng Konsequenze wëll d'Regierung dann aus där Erkenntnes zéien? Wa jo, wéi wëll d'Regierung dat argumentéieren?**

D'Membere vun der Regierung schaffen enk zesumme fir gemeinsam d'Interessie vun eisem Land ze verdeedegen. Den Ausseminister spillt eng wesentlech Roll an der Vertriedung vun de Lëtzebuerger Interessien no baussen an huet di voll Ënnerstëtzung vun der ganzer Regierung fir säin Asaz.